# WALPROGRAMM
# fir Biissen 2023-2029

## ÄR LEIT FIR BIISSEN

Sech Wuelfillen, sech mat eiser schéiner Gemeng identifizéiere wëllen, sech sécher fillen an informéiert sinn, Wäitsiichtegkeet a nohalteg plangen, dëst si nëmmen e puer Aspekter, déi der Équipe vun **ÄR LEIT FIR BIISSEN** wichteg sinn.



ÄR LEIT FIR BIISSEN

LËSCHT 5

11. Juni

# ÄR LEIT FIR BIISSEN



DAVID VIAGGI



CINDY BARROS DINIS



ROGER SAURFELD



LOÏC BRUNE

ÄR LEIT FIR BIISSEN



KEVIN ENGLEBERT



JOE GEISEN



BÉATRICE HORSMANS-KABERS



JOSEPH KOECHER



GEORGES LUCIUS



MARCO STACCHIOTTI



SÉBASTIEN STEFFES

## #MAT IECH, FIR IECH

www.aerleitbissen.lu

info@aerleitbissen.lu

facebook.com: Är-Leit-fir-Biissen

instagram: aerleitfirbiissen

web: www.aerleitbissen.lu

„Är Leit fir Biissen" stellen zanter Oktober 2019 zesumme mat den 2 Onofhängegen déi nei Majoritéit am Gemengerot. De Buergermeeschter David Viaggi mat senge Schäffen Roger Saurfeld a Cindy Barros Dinis an de Conseillere Kevin Englebert, Georges Lucius, Loïc Brune a Paulo Machado, hu nitt gezéckt dës Erausfuerderung unzegoen, a nei Akzenter an der Lokalpolitik ze setzen. Fir eis war et wichteg, déi Biisser Leit nees an de Mëttelpunkt ze réckelen, nodeems sech an der Vergaangenheet ze vill just nach op d'Entwécklung an der Industriezone konzentréiert gouf.

Sech Wuelfillen, sech mat eiser schéiner Gemeng identifizéiere wëllen, sech sécher fillen an informéiert sinn, Wäitsiichtegkeet a nohalteg plangen, dëst si nëmmen e puer Aspekter, déi eis wichteg sinn an eisen Decisiounsprozess mat afléissen ze loossen.

Mir sinn eng jonk, dynamesch Ekipp, déi gutt matenee funktionéiert an harmoniséiert a nitt zéckt, Projeten unzegoen. Laang genuch, gouf an eiser Gemeng nitt wäitsiichteg genuch geplangt a gréisstendeels just dat Bestoend verwalt.

Är Leit hunn hir Prioritéiten an de leschte 4 Joer op eis Drénkwaasserversuergung, Schoul- a Kannerbetreiung, soziale Wunnengsbau, Verkéiersproblematik an d'Information- a Kommunikatioun geluecht, sou wéi a villen anere Beräicher Initiativen ergraff a realiséiert. Eng Zesummefaassung vun all eise Projeten, kënnt dir an eisem Réckbléck erëmfannen, dee mir Iech un d'Häerz leeën duerchzeliesen.

Fir d'Gemengewalen den 11. Juni trieden Är Leit, zesumme mat neie kompetenten an engagéierte Kandidatinnen a Kandidaten un, a froen Iech op e Neits eiser Equipe Äert Vertrauen ze schenken, fir eis Zäit ze ginn, eis Projeten, déi zum groussen Deel ausgeschafft sinn, realiséieren ze kënnen. Fir datt och keng Stëmm verluer geet, ass et wichteg entweder déi ganz Lëscht 5 unzekräizen oder déi gesamt 11 Stëmmen un Är Leit fir Biissen ze verdeelen.

Op de nächste Säite kënnt Dir noliesen a wéi enge Beräicher et eis ënnert anerem besonnesch wichteg ass, an de nächste Joren nozebesseren a Projeten ëmzesetzen fir Biissen fit fir muer ze opzestellen.

**Déi richteg Weiche stellen, fir Biissen fit fir 2030 ze gestallten.**

**ÄR LEIT FIR BIISSEN**
**MAT IECH, FIR IECH**



# 1. Sozialen Engagement, Famill, Bildung a Jugend

Är Leit fir Biissen setzen sech fir eng gläichberechtegt Gesellschaft an.
**« Inklusioun fir Jiddwereen an iwwerall »** ass e Konzept no deem jiddwereen d'Méiglechkeet soll hunn, säi Liewen no senge Virstellungen a Besoinen ze gestalten, sou wéi aktiv, ouni Aschränkungen, an alle Beräicher vun der Gesellschaft deelhuelen ze kënnen. Inklusioun kann an alle Beräicher vum Alldag gelieft ginn, sief dat am Sport- oder Kulturberäich, an der Fräizäit, am ëffentlechen Transport, an der Schoul oder op der Aarbecht.

D'Inklusioun wëlle mir och déi nächst 6 Joer, bei der Planung an der Ëmsetzung vun eise Projeten ëmmer am Hannerkapp hunn, a mat berücksichtegen.
Mënsche mat enger Behënnerung mussen eng fest Plaz an eiser Gesellschaft hunn, an duerfen nitt an d'Isolatioun an d'Ofschottung vun der Allgemengheet gedréckt ginn.
Fir dëst ze erméiglechen, mussen eng Partie ëffentlech Gebailechkeeten, Stroosseninfrastrukturen, Trottoiren, Foussgängeriwwergäng a Busarrêten an eiser Gemeng ugepasst ginn.
Hei e puer Beispiller vu Punkten déi geplangt sinn, an an de nächste Méint ëmgesat ginn :

- Den Ëmbau vun eiser Schoul, eis nei Gemeng an de neie Gemengenatelier wäerten eng besser Inklusioun no der Realisatioun matbréngen.
- Confort Wanderwee: ee vu just siwen hei am Land wäert bei eis zu Biissen "an der Bonnert" sinn. Dee nächste Schratt ass eng adequat Beschëlderung.
- Inklusioun bei Kanner : Ons ass et ganz wichteg, datt et och an den Opfangstrukturen keng Ursaach gëtt, d'Kanner ze trennen. Mir stellen déi finanziell Mëttel zur Verfügung, fir datt dës Kanner kënnen am Grupp bleiwen, an datt awer eng extra « prise en charge » garantéiert ass. Zousätzlech soll och an Zukunft iwwer de Sportkoordinator, eng Offer fir Beweegung a Motorik fir dës Kanner en place gesat ginn.

Vu datt de **bezuelbare Wunnraum** an onser Gemeng iwwer Joren vernoléissegt ginn ass, hu mir eis entscheet, de Quartier an der Grand-Rue an e Projet fir abordabelen **Wunnraum an a Jugendwunnengen** ëmzegestalten. Donieft soll dann och d'Duerfliewen mat klenge Commercen opgewäert ginn.
No der Acquisitioun vun dësen Terrainen, déi vun eis realiséiert gouf, ass et elo eis Aufgab de PAP op den Instanzewee ze ginn, fir dëse Projet ëmzesetzen.

Hei entsti Jugendwunnengen a Wunnenge fir elengerzéiend Elteren, déi et schwéier hunn um normale Wunnengsmaart eppes ze fannen. Mir striewen hei bei der spéiderer Gestioun eng Zesummenaarbecht mam Office social Miersch an der GLS (Gestion locative sociale) un. Dëst ass e Projet, dee mir als Schäfferot nitt nëmme mat initiéiert hunn, mee wou mir och Grënnungsmember sinn.
Dat ass ee sozialen Engagement, dee mir eis fir déi nächst Jore ginn.
**Mir wëllen och an de nächste Joren e grousst Häerz fir d'"Bonne Cause" hunn**.
Vill Associatiounen, déi sech fir ee gudden Zweck engagéieren, si vun eis an de leschte 4 Joer ënnerstëtzt an och bei Evenementer promovéiert ginn, fir d'Leit ze encouragéiere matzemaachen, wéi zum Beispill beim Biisser Rallye, bei der Hëllefsaktioun fir d'Ukrain oder um Eurovisiounsowend.
Mir weisen och Solidaritéit mat de Krichsflüchtlingen aus der Ukrain, déi mir aus den Opfangstrukturen eraus geholl hunn, an deene mir een Doheem bei eis erméiglechen, bis datt si nees an hir Heemecht kënnen zeréckgoen.

**D'Zesummekomme** wëlle mer **aktiv fuerderen**, duerch nei Offeren, do wou de Besoin besteet. Sief dat jonk Mammen oder Elteren, déi sech an enger „Krabbelgrupp" kënnen austauschen a kenneléieren, esou wéi och eis net-lëtzebuergeschsproocheg Matbierger mat anbezéien, an hinnen et méi einfach maachen Kontakter ze knäppen a matkréie, wat an eisem Duerf geschitt.

Et ass eis och ganz wichteg, datt mir eise **Familleneng Plaz bidden**, wou si flott Momenter mat hire Kanner kënne verbréngen. Konkret wëlle mir "am Frounert", wou sech haut scho ganz vill Leit begéinen, eng zäitgeméiss renovéiert an ausgebaute **Spillplaz** fir den Duerfkär zu Biissen amenagéieren.
Nom Kannergemengerot, deen an de leschte Joren agefouert gouf, an deen éischt Projete proposéiert huet, wäerte mir och e **Kannerbüro** an d'Liewe ruffen, fir si ze encouragéieren sech aktiv am Duerfgeschéie ze bedeelegen. Mir wärten hinnen eng Plattform am Klautjen, wéi och op eisen anere Medien zur Verfügung stellen.
Dëst Matsproocherecht wëlle mir awer och op all eis Bierger auswäiten. D'Zil vum **Biergerrot** ass et, d'Politik de Biergerinnen a Bierger méi no ze bréngen. Zesumme kommen a Projeten proposéieren, diskutéieren an ausschaffen.


De **'Budget participatif'** wäert eng weider interessant Méiglechkeet ginn, wou jiddwereee ka Projeten ausschaffen an areechen. Dës Projeten ginn dann analyséiert, a wa se fir gutt fonnt ginn a realiséierbar sinn, gi se de Biergerinnen a Bierger virgestallt, déi da kënnen doriwwer ofstëmmen, an da wäert dee Projet zréckbehale ginn, an och ëmgesat ginn.
Mir wëllen och eng spontan **Noperschaftshëllef** tëschent den Awunner fërderen, an domadder d'Kohäsioun an d'Solidaritéit tëschent de Matbierger stäerken. Eng Méiglechkeet kéint an dësem Sënn de Réseau ‚Holper App' sinn.



Ee **Gemeinschaftsgaart fir Biissen**, ass e participative Projet, dee besonnesch interessant ass fir déi Biergerinnen a Bierger, déi leider keng Méiglechkeet hunn, sech een eegene Gaart doheem unzeleeën. Mir wäerten fir dee Projet eng gréisser Gemengeparzell zur Verfügung stellen, wou dann ökologesche Gaardebau ka bedriwwe ginn. Fir d'Betreiung vun däser Struktur kéint CELL asbl e méigleche Partner sinn.
Eis Kanner a Jugendlecher sollen sech och an Zukunft hei zu Biissen wuel fillen, an dee beschtméiglechsten Encadrement an déi optimaalst Infrastrukturen a Servicer gebuede kréien. Dofir wëlle mir e puer Punkten ervirhiewen, op déi mir an Zukunft wëllen agoen :

D'Weiche stelle fir de **Schoulcampus Biissen** a schonn déi éischt Phasen an d'Realitéit ëmsetzen.
Sou soll de Précoce an de Cycle 1 mat der Maison Relais (Cycle 1) um Site ronderëm déi aktuell Gemeng ausgebaut ginn. Eng nei Kiche mat Iessberäich soll do entstoen, wou haut Gemengeverwaltung ass. Hei sollen och d'Schoulmedezin, wéi och d'Versammlungsraim fir déi administrativ Tâchen am Relais ënnerkommen.
Fir kuerz Weeër ze hunn, sollen d'Cycle 2-4 an d' Maison Relais (2-4) um Site vun der Primärschoul regruppéiert ginn. Dee neie Stack, deen 5 zousätzlech Klassesäll fir d'Schoul bréngt, ass gestëmmt, souwéi eng „mise en conformité" vum bestoende Gebai, an en neie Bannenhall mat Accès PMR.
Dee giele Flillek kann duerno temporär fir déi eventuell zousätzlech néideg Kapazitéite fir d'Maison Relais fonctionnéieren. Eréischt an enger spéiderer Phase soll eng nei Maison Relais um Site "Klenge Mies" gebaut ginn, an de Site ronderëm d'Schoul soll lues awer sécher komplett fir Schoulzwecker ëmgebaut ginn.
Eng Etude déi mir an Optrag ginn hunn, sträicht ervir, dat mir d'Acquisitioun fir déi néideg Terrainen a Pläng an de nächste 6 Joer musse virundreiwen. De reelle Bau vun dëse Gebaier ass eréischt fréistens am Zäitraum 2030-2035 noutwenneg.

**Crècheplazen** kuerzfristeg an temporär erweideren. Am Hierscht 2023 solle 50 zousätzlech Platzen an der Crèche bäikommen. Dës temporär Situatioun soll der Gemeng erméiglechen de Site ronderëm déi aktuell Crèche ze erweideren. Hei si verschidde Prozeduren néideg, ier et mat den Ëmbau- a Vergréisserungsaarbechten sou richteg ka lassgoen.



Nei **Pedibuslinnen** sollen am Hierscht 2023, dëse flotten a gesonden Transportmodus fir Kanner, ergänzen.

**Fir eis Jugend**, sou wéi natierlech och all jonk gebliwwenen Erwuessenen, wëlle mir e **Fun an Action Park** an Aussiicht stellen. D'Realisatioun vun engem **Pumptrack** fir eis Vëlosbegeeschtert, ass nitt vergiess. An dee wëlle mir beim ale Futtballterrain "A Pafend", direkt bei der Vëlospist a no beim Cyclo Croc, realiséieren.







# 2.Mobilitéit an Infrastrukturen

Wa mir haut och schonn de Service Bummelbus (eng Aart Ruffbus) am Asaz hunn, sou wëlle mir eng zousätzlech Offer bidden, mat engem Citybus. Dëse Citybus soll aus verschiddene Synergien tëscht Schoultransport, Veräinsbus, Industrienavette, an enger Offer fir all d'Bierger vu Biissen fir sech an der Proximitéit ze beweegen, bestoen.
D'Mobilitéit gehéiert zu de Kärthemen, wann ee Gemengepolitik ugeet. Hei ënnerscheede mir ganz kloer tëscht der doucer Mobilitéit, der ëffentlecher Mobilitéit, sou wéi dem private Mobilitéitsbesoin. Als Gemengeresponsabel hu mir an deene leschten 18 Méint een "Mobilitymanagement" fir eis ZAC ausgeschafft. Dëse kënnt awer nitt nëmmen de Biisser Betriber ze gutt, mee der ganzer Gemeng.



Hei e puer Beispiller vu Projeten, déi mir an de nächste Méint a Jore wëlle verwierklechen.

**Shared Mobility**

- den CFL Flex System an de nächste Méint en place setzen,
- eng Covoiturage App fir de Standuert Biissen schafen,
- e Vëlos- an Trottinettenverleihsystem fir 'the last mile', fir déi kuerz Trajeten innerhalb vun der Gemeng.

**Parkraum**

Méi Parkplazen, manner Autoen an de Quartieren, duerch gezielte Sammelparkingen. Mir wëllen an Zukunft professionell Gefierer (Camionnetten) aus eise Quartieren erausghuelen, an dësen op zentralen Dréischeiwen (Hubs) eng Stationéiermégiglegkeet ginn. D'Zil ass, datt an der ZAC e puer Parkhaiser entstoe sollen, fir engersäits de Betriber de néidege Parkraum ze ginn, an awer och eise Bierger déi Stellplazen ze offréiere, fir déi Autoen, déi nitt onbedéngt am Duerfkär oder an de Quartiere stationéiere mussen.
Am Duerfkär wëlle mir och ee Parkhaus "am Frounert" op dee bestoende Parking bauen, an d'Stellplaze verduebelen oder verdräifachen.

**Mobilité douce**

Nieft dem kommunale Foussgänger- a Vëlosreseau, dee mir weiderhin optimiséieren, suerge mir fir eng direkt Vëlosverbindung tëscht dem PC 12 (Biissen) a Richtung PC 15 (Pëtten/Miersch), andeems mir dem Staat déi néideg Emprisë zur Verfügung stellen, fir eng Vëlospist bauen ze kënnen.Och de PC 12 a Richtung Béiwen soll iwwert déi al Eisebunnsstreck (Prinz Heinrich) erweidert ginn. Déi néideg Verhandlungen an Emprisen hu mir an de leschten 3 Joer ofgewéckelt. Lo ass et um Staat vun der „phase étude" an d'"phase réalisation" iwwerzegoen, an domadder de Kanton Réiden besser u Biissen unzebannen.

**Transport public**
Wann et ons gelongen ass, an deene leschten 3 Joer, eng besser Busverbindung, sou wéi ee méi héijen Takt un d'Garen Ettelbréck a Miersch beim RGTR anzefuerderen, sou wëlle mir dofir suergen, datt mer an Zukunft och eng Busverbindung iwwert d'Mierscherstrooss kéinte kréien. Mir wëllen net nëmmen de Kanton Réiden duerch eng weider Buslinn besser ubannen, mee mir wëllen och d'Lycéesbuslinnen op de Leescht huelen, an ons mam zoustännege Minister zesumme sëtzen, fir eng besser Busverbindung tëscht Biissen an de sëllege Lycéeë ze schafen.
Zu Biissen soll an Zukunft een zentralen a moderne Busarrêt matten am Duerfkär entstoen. Dëse Busarrêt soll dem Benotzer vum ëffentlechen Transport eng zentral Ausgangspositioun erméiglechen, fir all déi grouss Pole d'Echangen an eiser Groussregioun unzefueren. Nieft engem adequaten Equipement, wéi zum Beispill "Abfahrtstafelen", engem Bushaischen, an enger PMR gerechter Accessibilitéit, sollen op dësem Busarrêt all RGTR-Linnen, déi duerch eis Gemeng fueren, stoe bleiwen.

**Reseauen**
An de leschte Jore sinn eng ganz Rei Infrastrukturen am Buedem (Ofwaasserkanal, Waasserleitungen, Stroum- a Postleitungen) erneiert ginn, oder si schonn an der Planung. Eisen Eclairage public, hu mir bal komplett op LED ëmgestallt. Eis Foussgängersträife goufe besser beliicht. Mir wëllen och an Zukunft eis Reseaue kontinuéierlech ausbauen.
Eis Quartiere sollen alleguer no an no verkéiersberouegt ginn duerch verschidde Mesuren, wéi se schonn am Brill oder rezent an der Rue de Reckange ëmgesat gi sinn. Dëst fir eng besser Liewensqualitéit an eise Wunnquartieren ze erméiglechen.

**Stroossebau**
Biissen huet een héicht Opkommes vu Beruffsverkéier an de Spëtzestonnen, dofir wëlle mir och op den Haaptachsen, Nationale Stroossen a Chemins reprisen (CR'en), Reamenagementsprojeten zesumme mat de P&Ch ëmsetzen. 2024 an 2025 soll e „Ralentisseur" am Agang vu Biissen an der Mierscherstrooss gebaut ginn. Zäitgläich soll dann och de Projet vun der 30er Zone am Duerfkär ëmgesat ginn. Ugefaange mat enger Verkéiersberouegung ronderëm d'Biisser Schoul bis zu der Bréck beim Gréngen Eck.
D'Rue de la Gare an d'Rue des Moulins sollen am Agangsberäich sou gestalt ginn, datt eise Schoulkanner eng beschtméiglech Sécherheet garantéiert ka ginn. De Kräizungsberäich mat der Ampelanlag soll reamenagéiert ginn.


Op der Héicht vun der Biisser Millen an am Agang vu Béiwen soll gekuckt gi, fir d'Geschwindegkeet vun de Gefierer ze drosselen.

**Tourismus**
Biissen huet sou munches ze bidden, historesch a klasséiert Gebaier, flott Wanderweeër an eng attraktiv Landschaft laanscht d'Atert. Fir den Tourismus ze fërderen, an domadder d'Attraktivitéit vun der Gemeng ze steigeren, soll nieft dem Cyclo Croc e Projet fir e „Bed & Bike Hotel" mat Jugendherberg an der aler Millen weider ausgeschafft ginn.
Déi al Schmëtt, e grousse Patrimoine vun der Biisser Geschicht ronderëm d'Industrie mat der Neelfabrick, soll sech zu engem Standuert fir d'Kultur- a Konschtzeen, entwéckelen, sou wéi klenge jonke Startup'en eng Chance ginn.
Am Kader vum LEADER Projet 2023 – 2030, wëll d'Gemeng aktiv participéieren, fir verschidden Aarten vun Iwwernuechtungsméiglechkeeten an der Gutland-Regioun unzebidden. Dofir gesi mir d'Méiglechkeet vun eenzelne Stellplaze fir Camper, d' Ureegung (Subventiounen) fir an der Populatioun ze kucken, op Leit bereet wiere fir Gäschtezëmmer zur Verfügung ze stellen, an eventuell fir e puer "Tinyhouses" opzeriichten.













# 3. Waasser, Energie, Klima, Natur an Ëmwelt

**Waasser**
Eist Drénkwaasser ass liewenswichteg, an dofir ass de Bau vum neie Waasserbaseng eng vun eise Prioritéiten. Zousätzlech Investitioune beim Pëtz bei der Millen, sou wéi och bei der Scheierbaach, si néideg. Mir wëlle préiwen, op et méiglech ass, mat neien Technologien och de Kallekgehalt am Waasser ze reduzéieren. De Quelleschutz, e laangwierege Projet, muss onbedéngt weider gedriwwen an ëmgesat ginn, fir datt mir och an Zukunft eist eegent Biisser Waasser genéisse kënnen.

Eist Leitungswaasser soll an Zukunft fir jiddereen zougänglech sinn, dofir kucke mir fir ëffentlech Drénkwaasserspender op verschiddenen ëffentleche Plazen am Duerf bereet ze stellen.
E grousse Waasserleitungsreseau bréngt zwangsleefeg Fuitte mat sech, déi mir onbedéngt wëlle minimiséieren, d'Fuitten fréizäiteg erkennen, dëst andeems mir eis Iwwerwaachungssystemer permanent aktualiséieren.
Mir wëllen d'Sensibiliséierungscampagnë fërderen, fir de Biergerinnen a Bierger ze hëllefen Drénkwaasser anzespueren.
D'Moossnamen, déi am Staarkreen an Héichwaasserkatalog vun der Hömmestudie zréckbehalen a proposéiert ginn, wëlle mir an de nächste Joeren opschaffen, an domadder konkret Mesuren um Terrain ëmsetzen, fir eis Awunner besser virun Iwwerschwemmungen ze schützen. Konkret, an als Top-Prioritéit, wëlle mir duerch een Agrëff tëscht dem Frounert an der Bréck bei der Neelfabrick, d'Awunner vun der Fënsterdallerstrooss besser virun Héichwaasser schützen. Dës Mesurë sollen och Auswierkungen op Duerchflossquantitéiten ënnert der Bréck an der Grand Rue hunn. Zousätzlech wëlle mir am Frounert Mesuren ergräifen, fir een Austriede vun der Atert ze retardéieren, a sou eisen Duerfkär besser virun Héichwaasser schützen. De Staarkreen huet ons gewisen, datt mir eis Retentiounsbasenge permanent musse kontrolléieren, an hei wëlle mir och eng sëllege Mesurë fir de Schutz vun eise Wunnquartiere realiséieren. De Selbstschutz fir all Awunner, wëlle mir als Gemeng mat enger gudder Informatiounspolitik begleeden.

**Energie a Klima**

D'Präisexplosioun vun den Energiepräisser fuerdert een Ëmdenke mat den aktuellen Energieträger. Aspuerpotential gëtt et a ville Beräicher, souwuel op kommunalem Plang, bei der Industrie wéi och bei de Privatleit doheem.

Mam Klimapakt 2.0 hu mir eis verflicht, permanent Mesuren ze ergräifen, fir de Verbrauch vu nitt erneierbaren Energien ze reduzéieren, den CO2- Ausstouss ze reduzéieren an domadder eisen Deel bei der Bekämpfung vum Klimawandel bäizedroen.

Am Kader vum Klimapakt 2.0 huet d'Gemeng nom Reaudit vun 64,9%, déi éischt Stuf an der Auswäertung erreecht. Nach am Juni wëll d'Gemeng an engem weideren Audit iwwer 65% déi zweet Stuf erreechen.

Eng Gemeng ass gehale mam gudde Beispill virzegoen, an dofir goufen an de leschte Jore vill Saachen ënnerholl, fir Energie anzespuere, an den CO2- Ausstouss ze reduzéieren. Och an Zukunft wëlle mir d'Sanéierung vun eise Gebaier virundreiwen an d'kommunaalt Aspuerpotential analyséieren. De Bäitrëtt an eng Kooperativ fir Solaranlage soll vum Klimateam ausgeschafft ginn. Ons eegen, an d'Parkplaze vun de Betriber, wëlle mir an Zukunft wa néideg, duerch ee Carport/Solardaach iwwerdecken. D'Sensibilisatioun bei de Kanner soll zum Beispill iwwert d'Maison Relais gefërdert ginn (Energiedetektiven). Mir organiséieren och weiderhi Berodungen a Sensibiliséierung zum Thema Energie.

Eise Gemengesubsidekatalog ass e liewegt Dokument a soll och an de nächste Jore mat interessante Subventiounen ergänzt ginn.


Mir kéinten eis virstellen, an Zukunft och Mini Wandrieder fir den Eegegebrauch doheem mat ze ënnerstëtzen.

Mir hu festgestallt, datt et nach Verbesserungsbedarf am ëffentleche Raum gëtt, an dofir wëlle mir eng Partie Foussgängerweeër nach mat LED-Beliichtung equipéieren, an d'Méiglechkeet iwwerpréiwen mat Beweegungssensoren ze schaffen, fir den Energieverbrauch weider ze reduzéieren, dëst zum Beispill bei eiser Foussgängerbréck.

**Natur an Ëmwelt**

D'Gemeng ass am Joer 2022 dem Naturpakt bäigetrueden, a wëll domadder och konkret Akzenter fir Natur an Ëmwelt setzen, an eng aktiv Roll beim Erhale vun eiser Biodiversitéit, an dem Schutz vun eise natierleche Ressourcen iwwerhuelen. Dëst souwuel an de Wunngebidder, wéi um Oppeland, de Gewässer an dem Bësch. Och wann d'Gemeng schonn déi éischt Stuf, duerch eng sëlleg Mesuren déi emgesaat goufen errecht huet, wëlle mir och weiderhin aktiv um Naturschutz schaffen.

Eng konkret Iddi vun eis wier, op deene südlechgeleeënen Parzellen an der Gemeng „Orchideeëntrockenrasen" unzeleeën. Fir dëst ze erméiglechen, ass eng Entbuschung op dëser Plaz néideg. Nëmmen sou kréien d'Orchideeën de néidege Liewensraum. Zu dësem Zweck hu mer op der Béiwener Strooss eng Parzell kaaft.




De Bësch vun der Zukunft, soll engersäits vill Kuelendioxid aus der Atmosphär zéien, Waasser späicheren, d'Biodiversitéit protegéieren a nitt zu lescht Holz als nowuessende Rostoff liwweren.
Dofir hale mir weiderhin un eiser Strategie an Zesummenaarbecht mat eisem Fierschter, de weideren Ëmbau vun eisen Nolenholzparzellen am Gemengebësch a klimaresilient gemëschte Bëscher fest.
Fir datt eis Bëscher besser Waasser späichere kënnen, wëlle mir weiderhin een Deel vun dem gehaenen a stoenden Holz als Doudholz am Bësch loossen. Niewebäi entstinn hei interessant Liewensraim fir neit Liewen, wéi och eng natierlech Verjéngung vum Bësch.

Eis Biisser Bëscher sinn accessibel fir jiddwereen. Zesumme mam Fierschter, hu mir vill Wäert op eng ofwiesslungsräich Bewirtschaftung vun eisem Bësch geluecht. Eis Wanderweeër goufen nitt nëmmen duerch e Guttlandtrail ergänzt, mee et gouf och eng national Confort-Wanderwegauszeechnung fir eisen Sentier "an der Bonnert" ausgestallt. Domat ass garantéiert, datt och Leit mat ageschränkter Mobilitéit, d'Natur kënne voll a ganz erliewen.
De Mënsch brauch d'Natur, fir ënner anerem seng Fräizäit kënnen ze gestalten, mee eis ass et och wichteg, datt och d'Liewewiesen am Bësch geschützt ginn. Dofir si mir der Meenung, datt den Autostrafic ronderëm d'Biisser Weiere muss reduzéiert ginn. Eis kleng Matbierger, wëlle mir schonn am ganz jonken Alter un d'Natur an de Bësch winnen, dofir soll de Projet vun der Bëschcrèche an de nächste Jore Realitéit ginn.
Lokal a Regional ass ons wichteg, dofir soll och an Zukunft de Biisser Hunneg an der Geiwels produzéiert ginn, a mat eise landwirtschaftleche Betriber versiche mir, eng lokal Liewensmëtteloffer fir jiddweree bereet ze stellen.













# 4. Sport, Kultur, Drëtten Alter a Finanzen

**Sport a Kultur**

Mir leeë vill Wäert op staark Veräiner a wëllen si och déi nächst Jore beschtméiglechst ënnerstëtzen.

De Sportveräiner wëlle mir ënnert d'Äerm gräifen, fir engersäits de Benevolat ze stäerken, an anerersäits hire Memberen eng qualitativ héichwäerteg Formatioun unzebidden. Mir vergiessen och nitt d'Sportler, déi hir Aktivitéit nitt an eisem Duerf maache kënnen.



Dofir wëlle mir zesumme mat eisem Sportkoordinator ee Konzept op d'Been stellen, mat deem mir den Encadrement vun de Jugendleche finanziell méi staark ënnerstëtzen, an den administrative Volet vum Veräin sou ënnerstëtzen, datt de Benevolat entlaascht gëtt.

Wat d'Sportinfrastrukturen ubelaangt, wëlle mir eng Léisung ubidden, fir datt d'Veräiner dem enormen Zouwuess u nei Lizenzéierten kënne Rechnung droen. Konkret gesi mir hei d'Réalisatioun vun enger nationaler Beach- an Tennishal, engem Ausbau vum Trainingsterrain beim Fussball, sou wéi engem anstännegen Iwwerdaach fir de Pétanqueterrain.

Déi kulturell Veräiner brauchen onser Meenung no och eng kommunal Ënnerstëtzung, wat d'"Mise en scène" oder den techneschen Equipement vun eise Veranstaltungsraim betrëfft. Mir wëllen d'Veräiner sou ënnerstëtzen, datt si op deier Locatioune kënne verzichten, andeems mir dat néidegt Material zur Verfügung stellen

Laangfristeg gesinn, sollen dës Veräiner op e performante Kultursall zréckgräife kënnen.

Fir der „Green Charta" besser Rechnung kënnen ze droen, kucke mir ënner anerem mam Service Forum pour l'emploi, fir eise Veräiner bei gréisseren Evenementer Besteck a Becheren zur Verfügung ze stellen.

**Drëtten Alter**

Eis golde Generatioun soll sech och an Zukunft an eiser Gemeng wuel fillen.

Nieft de sëllegen Aktivitéiten, déi mir haut schonn, iwwert d'Kommissioun vum Drëtten Alter, den Uelzechtdall, an iwwert d'Iessstuff ubidden, wëlle mir virun allem Offer erweideren, an awer och déi bestoend Aktivitéiten optimiséieren. Hei denke mir konkret un eng Verbesserung vun de Raimlechkeete vun der Iessstuff, déi mir och op enger neier Plaz kéinte gesinn, déi méi zentral geleeën a gutt accessibel ass.

Ons Senioren hu vill Liewenserfarung a Kenntnisser. Dëse Wëssensschatz duerf nitt verluere goen, an dofir wëlle mir hir Iddien an Interessien iwwert e Seniorenrot an de politesche Prozess mat afléisse loossen.
Mir wëllen ee ganze Mount am Joer dem 3. Alter widmen, gefëllt mat Aktivitéite wéi Filmvirféierungen, Schoulungen a Wanderungen.
Mir wëllen d'Liewensqualitéit an der sozialer Isolatioun vun eelere Leit ënnerstëtzen, andeems mir hei eng gratis Ënnerstëtzung aféieren.
D'Senioren informéieren sech am Klautjen, BisInfo an deenen aneren ëffentlech zougängleche Medien. Mir wëllen hinnen an Zukunft, déi modern Kommunikatiounstechnologien erklären a méi no bréngen, andeems mir gezielt Coursen an deem Beräich ubidden.

## Finanzen

### Gesond Gemengefinanze sinn de Schlëssel fir eng héich Liewensqualitéit vun de Biergerinnen a Bierger.

Privat Stéit, sollen an de Genoss vu weidere Subside kommen, andeems mir si fir Projeten belounen, déi der Natur an dem Klima ze gutt kommen (Entsigelung, Sanéierung, Dachbegréngung asw.).
Privat Initiativen (Projeten), déi der Allgemengheet ze gutt kommen, solle finanziell vun der Gemeng ënnerstëtzt ginn.

Stabil a gesond Gemengefinanzen, ginn duerch eng virsiichteg, ausgeschafften a wäitsiichteg Politik garantéiert :

- Ee regionaalt Zesummeschaffe ka wichteg ordinär Käschten aspueren. (Acquisitioune vu neiem Material deelen, op verschidde Personal gemeinsam zréck gräifen.)
- Spezifesch Budgetsposte fir eng regional Zesummenaarbecht. Beispill: Tourismus LEADER Projet.
- Staatlech Subventiounen nitt leie loossen, mee se intelligent benotzen.
- Budgetsmëttele scho fréizäiteg virgesi fir Zukunftsausgaben.

Mir wëllen och an de nächste 6 Joer keng Rezessioun vun de Gemengeservicer an ëffentlechen Infrastrukture provozéieren. Dofir ass et wichteg, datt och an Zukunft héich Investitiounen fléissen, fir eng héich Liewensqualitéit vun eise Bierger a Biergerinnen ze garantéieren.
Eng Prioriséierung vu Projeten ass natierlech noutwendeg an awer och just méiglech, wann een och e Gesamtentwécklungskonzept virleien huet.

Eng Steigerung vum Eegekapital konnte mir an de leschte Jore duerch wichteg Acquisitiounen am Duerfkär realiséieren, an dëst erméiglecht de nächste Generatiounen een héicht Ausbaupotenzial an eiser Gemeng.

Och an Zukunft wëlle mir d'Gemengefinanzen am Equiliber halen, ouni awer Aspuerungen op deene falsche Plazen ze maachen, an ze zécke fir ze investéieren, wann et néideg ass.





vu lenks no riets:
Loïc Brune, Sébastien Steffes, Marco Stacchiotti, Kevin Englebert, Cindy Barros Dinis,
Georges Lucius, David Viaggi, Joe Geisen, Béatrice Horsmans-Kabers, Jos Koecher, Roger Saurfeld

**ÄR LEIT FIR BIISSEN**
MAT IECH, FIR IECH

**www.aerleitbissen.lu**



ÄR LEIT FIR BIISSEN

LËSCHT 5

11. Juni

info@aerleitbissen.lu
facebook.com: ÄR-Leit-fir-Biissen
instagram: aerleitfirbiissen
web: www.aerleitbissen.lu